N° 3816
Entrée le 20.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.03.2026

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 19. Mäerz 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Nodeems op der A7 ("Nordstrooss") schonns d'Spueren an zwee Tunnelle gespaart goufen an et dowéinst all Dag zu massivem Stau kënnt, gouf mam Datum vun haut annoncéiert, datt vum 23. Mäerz u bis Mëtt 2028 – also iwwert zwee Joer (!) – d'Iwwerhuelspuer tëscht Housen an dem Duerschterhaischen gespaart wäert ginn an d'Vitess op 70 Kilometer limitéiert gëtt.

Dëst wäert zu enger zousätzlecher Belaaschtung féieren an d'Automobilisten, déi all Dag op dës Streck ugewise sinn, haaptsächlech fir schaffen ze goen, verléieren elo zousätzlech zum bestoende Chantier nach méi Zäit.

An deem Zesummenhang hätt ech follgend Froen un d'Regierung:

1. Gouf am Verkéiersministère eng Analys duerchgefouert, wéi eng Konsequenzen déi uewe genannte Spärung op d'Automobiliste wäert hunn, besonnesch wat den zousätzlechen Zäitverloscht ugeet? Wa jo, mat wéi engem Zäitverloscht mussen d'Automobilisten elo rechnen, besonnesch Owes am Beruffstraffic?
2. Firwat koum et net zu enger Koordinatioun, déi dozou gefouert hätt, datt déi zwee uewe genannte Chantieren net parallel zouenee bestinn?
3. Huet d'Regierung iergendwelch Alternativen an d'A gefaasst, fir de massiven Zäitverloscht, mat deem d'Automobilisten, déi all Dag op d'Nordstrooss ugewise sinn, konfrontéiert sinn, ofzefiederen?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten